N°2588
Entrée le 20.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Réponse commune de Madame la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes et de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles à la question parlementaire n°2588 du 09 juillet 2025 de Monsieur le député Yves Cruchten au sujet de la suspicion de fraude dans le secteur des bus subventionnés au Luxembourg.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu der Enquête vum Europäesche Parquet (EPPO) am Kontext vu Subventiounen déi aus dem europäeschen FEDER Programm ausbezuelt goufe fir d'Elektrifizéierung vu Busflotten ze förderen.

**„1. Wat waren d'Grënn dofir, datt – entgéint de Bestëmmunge vun der geplangter Elektrifizéierung vum RGTR-Reseau – déi virgeschriwwen Elektrobusser net agesat goufen an amplaz thermesch oder hybrid Gefierer benotzt goufen?**
**2. Aus wéi enge Grënn sinn an dëse Fäll trotzdeem déi méi héich Remuneratioune fir emissiounsfräi Zerwisser vu Säite vun der Verwaltung applizéiert ginn?**
**3. Handelt et sech dobäi ëm en administrativen Iertum oder ëm eng bewosst Entscheedung vun der zoustänneger Verwaltung?**
**4. Wéi eng Kontrollmechanisme waren am Kader vun de Konventioune mat de Busentreprisë virgesinn, fir d'Konformitéit vun de geleeschten Zerwisser mat de Subventiounsoplagen sécherzestellen? A wéi engem Mooss goufen d'Viraussetzunge betreffend den Asaz vun emissiounsfräie Gefierer an der Konventioun mat de Busbetriber verankert a kontrolléiert?"**

Eng Rei Froe vum honorabelen Deputéierte betreffen eng lafend juristesch Enquête, an ënnerleien deemno dem *secret de l'instruction*.

D'Autoritéite sinn op Basis vum Artikel 23 (2) aus dem Code de procédure pénale an dem Artikel 24 vum EU-Reglement 2017/1939 saiséiert ginn, well Faiten entdeckt goufen, déi eventuell Infraktioune kéinten duerstellen.

Déi entspriechend ëffentlech Autoritéite wäerten onageschränkt mat de Justizautoritéiten zesummeschaffe fir déi signaliséiert Faiten opzeklären. Et gëtt hei op de Prinzip vun der *Présomption d'innocence* verwisen an datt keng definitiv Conclusiounen an enger lafender Prozedur gezu ginn.

**"5. Wéini ass dëse Mëssstand opgefall? A wat ass zanterhier ënnerholl gi fir datt esou Fäll net méi virkommen?"**

D'Faite sinn am Hierscht 2024 am Kader vun den Analysen, déi d'IGF als zoustänneg Auditsautoritéit zu Lëtzebuerg fir d'FEDER Programmen ausféiert, festgestallt ginn. Dës Faite goufen dunn och nach emol intern bei der ATP analyséiert.

Säitdeem gouf den Ofrechnungsmodell ugepasst fir, dass am Doute just thermesch ausbezuelt gëtt. D'Regierung wäert am Hierscht am Kader vun enger Chamberskommissioun an an de Limitte vum *secret de l'instruction* méi Detailer dozou ginn.

**„6. Wéi héich ass de finanzielle Schued, fir de Lëtzebuerger Staat respektiv d'Europäesch Unioun? A wéi engem Mooss goufen dës Gelder schonn tatsächlech ausbezuelt?"**

Et goufe bis elo ronn 18,8 Milliounen Euro aus dem FEDER-Programm vun der Europäescher Unioun un de Lëtzebuerger Stat ausbezuelt. Wei vill finanzielle Schued entstanen ass, ass nach net gewosst, dat wäert vun der Enquête, déi den Europäeschen Parquet féiert, musse festgestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 20. August 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes